



Fernand ETGEN
 President vun der
 Deputéiertechamber
 19, um Krautmaart
 L-1728 Lëtzebuerg

REÇU
 Par Alf Christian, 14:24, 20/01/2021

Lëtzebuerg, den 20/01/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mobilitéit weiderzeleeden.

An der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°3189 vum 23te November 2020 hat de Minister fir Mobilitéit erkläert, dass den Zuchbegleeder keng Sanktiounen am Zesummenhang mat der Maskepflicht därer ausschwätzen.

De Facto kann den Zuchbegleeder näischt aneres maachen, wéi e Passagéier aus engem Zuch ze verweisen oder d'Police oder d'Douane ze ruffen, wa Passagéier sech net un d'Reegelen u Bord vum Zuch halen.

Dëst mécht d'Aarbecht vum Zuchbegleeder, dee fir d'Sécherheet am Zuch suerge muss, immens méihsam an ineffektiv a verschidde Passagéier huelen d'Autoritéit vun den Zuchbegleeder dofir nach manner eescht. D'Konsequenz dovunner ass, dass Leit, déi sech weigere eng Mask am Zuch unzedoen, ouni d'Präsens vun aneren Autoritéiten net kënnen dozou gezwonge ginn.

Wéi de Minister a senger Äntwert geschriwwen hat, waren d'Police an d'Douane bis zu deem Zäitpunkt u ronn 4 Deeg a 34 Zich ënnerwee, wat statistesch gesinn zimmlech wéineg ass, wann een et mam Fait vergläicht, dass ee Joer 365 Deeg huet an zu Lëtzebuerg eng honnert Zuchfaarte pro Dag organiséiert ginn.

D'Verbredung vum Virus sollt och am ëffentlechen Transport op ee Maximum reduzéiert ginn an et wär aus dësem Grond sënnvoll, datt d'Zuchbegleeder méi effikass dofir suerge kéinten, datt déi sanitär Reegelen am Zuch agehale ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi vill Meldungen oder Rapporte wéinst "*non-respect du port de masque*" sinn der CFL-Direktioun vun den Zuchbegleeder a Buschaufferen zënter dem Ufank vun dëser Pandemie, zoukomm? Wat gouf dorops hin ënnerholl ?
2. Wat kënnen d'CFL oder de Minister besser maachen, fir dass d'Droe vun der Mask an déi aner sanitär Reegelen am ëffentlechen Transport besser agehale ginn?



3. Wär et fir de Minister sënnvoll, dass een d'Droe vun der Mask schonns op de Garen a Quai'en kontrolléieren a sanktionéiere géif?
4. Wäert d'CFL de Passagéier am Zuch oder Bus, déi keng Mask unhunn, chirurgesch Masken, géint Bezuelung oder gratis, zur Verfügung stellen?
5. An der Äntwert op d'Fro n°1755 vum 22te Januar virun engem Joer hat de Minister vun engem neie groussherzogleche Reglement geschwat, deem d'Sécherheet am öffentlechen Transport nei organiséiere soll an déi al Reglementstexter sollen abrogéiert. Op Legilux sinn dës modifizéiert groussherzoglech Reglementer awer nach ëmmer a Kraaft. Wou ass de vum Minister ugekënnegte RGD drun?

Mat déiwem Respekt,



GOERGEN Marc
Député





CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et
secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 20 janvier 2021

Objet : Question parlementaire n° 3484 du 20.01.2021 de Monsieur le Député Marc Goergen -
Contrôle des mesures sanitaires dans les transports publics

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin
que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés